**N° 4449**
Reçue le 10.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.06.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Wéi et am Artikel "Das staatliche Mehrwegsystem", deen de 7. Juni 2021 am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht, gouf de System vun der "Ecobox" dee säit dräi Joer vum Ëmweltministère bedriwwe gëtt, weder ausgeschriwwe gouf, nach enger reegelméisseger Evaluatioun vum Käschten-Notzen ënnerzu gëtt, obwuel en all Joer mat ëffentleche Gelder subventionéiert gëtt.

Duerfir géif ech der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

1) Ob Basis vu wéi enger gesetzlecher Grondlag gouf déi Decisioun geholl, fir de Projet "Ecobox" net auszeschreiwen? Wéi war des Decisioun technesch a politesch motivéiert?
2) Firwat gëtt d'Ecobox bis dato kenger Käschten-Notzen Evaluatioun ënnerzunn? Ass d'Regierung wëlles dat ze änneren an der Chamber den entspriechende Rapport virzeleeën? Wann net, firwat net?
3) Ënnert wéi engem Budgetsartikel fléissen d'Subside fir d'Ecobox?
4) Wéi steet d'Regierung zu der Propose vun der Handelskonfederatioun, fir de System vum staatleche Monopol bei der Ecobox, duerch en allgemenge Label ze ersetzen ënnert deem och privat Acteuren eege bedarfsorientéiert Boxe kënnen ubidden?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 13 juillet 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4449 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4449 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4449 vum 9. Juni 2021 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert d'Ausschreiwung vum Projet "ECOBOX"**

1. ***Ob Basis vu wéi enger gesetzlecher Grondlag gouf déi Decisioun geholl, fir de Projet "ECOBOX" net auszeschreiwen? Wéi war des Decisioun technesch a politesch motivéiert?***

D'Iddi fir de Projet ECOBOX ass entstanen an engem Aarbechtsgrupp zum Thema Liewensmëttelverschwendung. Dësen Aarbechtsgrupp ass 2016 an d'Liewe geruff gi wéi Problematik vun der Liewensmëttelverschwendung ëmmer méi wichteg ginn ass. En hat sech zum Zil gesat, Strategië fir déi verschidde Secteuren z'entwéckelen a gemeinsam d'Ursaache vum Liewensmëtteloffall ze bekämpfen. Ënner anerem waren heira vertruede Leit aus dem Ëmweltministère, dem Landwirtschaftsministère, dem Gesondheetsministère, der Ëmweltverwaltung, der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce, der Confédération luxembourgeoise du Commerce, der Horesca an der SuperDrecksKëscht.

Fir ze verhënneren datt een zousätzlechen Eeweebehälter agesat gëtt a fir kënnen eng national Léisung unzebidden, ass zesumme mat der Horesca, dem Gesondheetsministère an der SuperDrecksKëscht um Konzept vun der heiteger ECOBOX geschafft ginn. Fir dat Konzept ze realiséieren, hunn eng ganz Rei Viraarbechte misse gemaach ginn.

Fir de Projet vun der ECOBOX opzebauen ass dowéinst décidéiert ginn, dësen am Kader vun der Aktioun SuperDrecksKëscht lafen ze loossen, déi op dem Finanzéierungsgesetz vun der SDK baséiert (*Loi du 25 mars 2005 relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht*).

2. ***Firwat gëtt d'ECOBOX bis dato kenger Käschten-Notzen Evaluatioun ënnerzunn? Ass d'Regierung Wëlles dat ze änneren an der Chamber den entspriechende Rapport virzeleeën? Wann net, firwat net?***

Den Erfolleg vun dem Projet "ECOBOX" gëtt permanent duerch d'Entwécklung vun der Zuel vun de Betriber déi matmaachen an der Zuel vun de Boxen déi am Ëmlaf sinn, evaluéiert.

Wann de Projet 2018 mat 6 Restauranten déi matgemaach hunn, ugefaangen huet, sinn et haut (Stand Mee 2021) 298 Restauranten, Kantinnen, Gemengen an aner Verdeeler déi matmaachen. Stand Mee 2021 sinn 84.310 ECOBOXen un dës Betriber ausgeliwwert ginn. Dës Entwécklunge weisen, datt et eng grouss Demande fir esou ee System gëtt.

Eng genau Evaluatioun vun den Eeweeverpakungen, déi duerch d'ECOBOX agespuert ginn, ass allerdéngs schwéier ze realiséieren. Dëst ass ofhängeg vun der Zuel, wéi oft an deenen jeeweilege Betriber eng ECOBOX zeréckkënnt, wat fir Eeweeverpakungen dee jeeweilege Betrib duerch d'ECOBOX ersat huet a wat fir e Gewiicht dës Eeweeverpakungen haten.

Am Virfeld vun der Aktioun war och gekuckt ginn, wat de finanziellen Impakt vun der ECOBOX op d'Restauranten an d'Kantine ka sinn. Bei engem duerchschnëttleche Präis vun 0,2 € fir eng Eeweeverpakung an engem Käschtepunkt vu 5 € fir eng ECOBOX, ass d'ECOBOX no 25 Notzungen rentabiliséiert. Heibäi ass och unzemierken, dass fir d'Entreprise déi ECOBOXen ubitt just déi eege Gestiounskäschten (Spullen, Stockage) ze droen sinn a keng weider Käschten entstinn.

3. ***Ënnert wéi engem Budgetsartikel fléissen d'Subside fir d'ECOBOX?***

De Projet ECOBOX leeft am Kader vun dem Kontrakt iwwer d'Ausféierung vun der SuperDrecksKëscht a gëtt och an deem Kader finanzéiert. D'Käschte vun der Aktioun SuperDrecksKëscht ginn iwwert den Ëmweltfong bezuelt. Et handelt sech hei nët ëm Subsiden.

4. ***Wéi steet d'Regierung zu der Propose vun der Handelskonfederatioun, fir de System vum staatleche Monopol bei der ECOBOX, duerch en allgemenge Label ze ersetzen ënnert deem och privat Acteuren eege bedarfsorientéiert Boxe kënnen ubidden?***

Wéi schonn an der Äntwert 1 erwäänt, ass d'Iddi vun der ECOBOX an engem Aarbechtsgrupp entstanen zum Thema Liewesmëttelverschwendung. An deem Aarbechtsgrupp waren och Vertrieder vun der Confédération luxembourgeoise du Commerce mat dobäi.

D'Tatsaach, datt et sech bei der ECOBOX ëm een nationalen eenheetleche System handelt, kënnt engersäits aus der Iwwerleeung, e System ze hunn an deem de Bierger seng Box bei egal wat fir engem Restaurant oder Kantinn déi matmaachen, nees kann ofginn an nët nëmmen do, vu wou en se hier huet, anerersäits huet een awer och misse feststellen, datt bis dato kee privaten Acteur esou e Konzept zu Lëtzebuerg ugebueden huet. Een anere wichtege Punkt ass, dass d'Hygiènesaspekter duerch d'Konzept vun der ECOBOX respektéiert ginn.

Säit deem et d'ECOBOX gëtt, sinn d'Demande fir aner Formen, déi méi speziellen Uwennungen besser ugepasst sinn, ëmmer méi heefeg ginn. Hei gouf et och éischt Gespréicher fir d'ECOBOX deene Besoinen unzepassen an och weider Servicer vun Entreprisen domat ze koppelen.

Wann also an der Tëschenzäit privat Acteuren sech beruff fillen, aner bedarfsorientéiert Boxen unzebidden, kann dëst nëmme begréisst ginn.

Et ass och esou, dass déi Gesetzesprojeten déi um Instanzewee sinn, virgesinn, dass déi betraffen Acteure solle bis den Enn 2023 eng Feuille de route opstellen fir ënnert anerem Méiweebehälter am Take-way Beräich unzebidden. Dëst ënnersträicht also nach eemol, dass een u kreative Léisungen mat allen Acteuren interesséiert ass, fir dem Consommateur et sou einfach wéi méiglech ze maachen.